

*Arendt épouse Kemp), Mme Françoise Kemp (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Charles Weiler), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claire Delcourt), Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## **7. 8253 – Projet de loi relative aux fiches d'hébergement et portant modification de :**

**1<sup>o</sup> la loi modifiée du 5 juillet 2016 portant réorganisation du Service de renseignement de l'État ;**

**2<sup>o</sup> la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale**

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 8253 iwwer eng Verbesserung vum System vun de Fiches d'hébergement fir Reesender. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéte 5, d'Regierung 10. Ageschriwwen si schonn: den Här Ricardo Marques, den Här Claude Haagen, den Här Tom Weidig, d'Madame Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madame Carole Hartmann. Madame Hartmann.

**Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme**

**Mme Carole Hartmann (DP), rapportrice |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 8253 huet als Zil, de System vun de Fiches d'hébergement vun de Reesenden an den Iwwernuechtungsetablissementer wéi Hoteller, Campingen oder Jugendherbergen ze moderniséieren.

Déi aktuell Reegelung, déi zanter 1929 a Kraaft ass, verpflichtet d'Établissements d'hébergement collectifs gradewéi déi touristesch a privat Hebergementer, e Gäshteregëster ze féieren an dësen un d'Police weiderzeleeden.

Laut dem Schengener Ofkommen sinn all d'Länner an der EU dozou verpflichtet, verschidde Prozeduren en place ze setzen, fir all Ausländer aus der EU oder och aus Pays tiers, deen an enger touristescher Ënnerbréngungsstruktur logéiert, seng Identitéit ze präieren, wéi och eng Fiche de déclaration auszufüllen.

Laut dem europäesche Reglement 692/2011 iwwert d'touristesch Statistiken, ass de Staat och dozou verpflichtet, Eurostat verschidden Donnéeën iwwert d'Frequentatioun vun den Iwwernuechtungsstrukturen zu Lëtzebuerg ze iwwermëttelen.

Aktuell ginn dës Fichen nach um Pabeier ausgefëllt an um Terrain gesäit een, dass se dacks net oder deelweis net richteg ausgefëllt ginn oder net séier genuch weidergeleet ginn.

D'Gerantë vun den Iwwernuechtungsstrukture beschwéiere sech och schonn zanter méi Laangem doriwwer, dass d'Gestioun vun all dëse Fichen einfach eng ze grouss Charge administrative mat sech bréngt.

An deem Sënn soll dësen Text virun allem d'Effikasitéit an d'Moderniséierung vum aktuelle System vun de Fiches d'hébergement verbesseren. Heideruech soll d'Sécherheet gestärkt ginn, well d'Police bei Bedarf d'Date méi effikass notze kann an de Statec soll och besser Statistiken zum Tourismus erstellen kënnen.

Den Traitement an de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën gehéieren hei zur héchster Prioritéit.

Här President, d'Haaptännerungen, déi mam virleende Projet de loi virgeholl ginn, si follgend:

Den Ament muss just den Haaptreesende vun engem Grupp eng Fiche d'hébergement ausfüllen. Dat heescht, dass aktuell och bei engem gréisseren Grupp vun 20 bis 30 Leit just eng Persoun muss indiquéiert ginn. Esou ass et zimmlech schwéier, representativ Statistiken op d'Been ze stellen, an och a punkto Sécherheet stellt dëst engem Lacune duer. Mat dem neie Gesetzestext muss elo all Persoun, déi iwwer 15 Joer huet, eng Fiche d'hébergement ausfüllen.

Fir d'Gestioun vun all dëse Fichen ze vereinfachen, gouf eng Applikatioun entwéckelt, fir d'Fichen an Zukunft méi séier a virun allem digital, dat heescht net méi op Pabeier, auszefüllen.

De System ass méi séier, notament well déi nei Carte d'identité op der Récksäit e Code hunn, dee vum Handy, engem Tablet, engem Computer ka gellies ginn an automatesch d'Donnéeën op där richteger Plaz vun der Fiche ausfüllt, déi dann digital vum Client ënnerschriwwen gëtt.

D'Touristen hu mam neie System awer och d'Méiglechkeet, d'Fiche d'hébergement schonn am Virfeld vun hirer Rees online auszefüllen a se dann de Moment, wa se ukommen, ze ënnerschreiwen, fir ze verhënnern, datt sech beim Check-in laang Schlaange bilden.

Nodeems d'Fichen ënnerschriwwen an ausgefëllt gi sinn, gi se un en zentraliséierte Fichier ënnert der Autoritéit vum Wirtschaftsministerium (veuillez lire: Tourismusministerium) geschéckt. Fir de Schutz vu perséinlechen Donnéeën ze garantéieren, kritt d'Police wéi och de Service de renseignement just Accès op dëse Fichier, wann dësen am Kader vun engem Dossier pénal gefrot ass.

Am aktuelle Gesetz ass et nach esou, dass d'Fiches d'hébergement nëmmen 72 Stonnen laang conservéiert ginn. No dësem Delai ass et deemno aktuell schwéier fir d'Police, den Openthalt vun enger verdächtiger Persoun ze ermëttelen.

Mat dem neie Gesetz bleiwen d'Donnéeën sechs Méint laang am zentraliséierte Fichier gespäichert, ier se automatesch an och definitiv aus dem Regëster gelläscht ginn.

Den neien Text gesäit dann och Sanktiounen vir, wann ee keng Fiche d'hébergement ausfüllt oder déi néideg Informatiounen ze spéit an deen dofir bestëmmte Fichier weidergeleet ginn. D'Delaie sinn

déi follgend: Et huet ee 24 Stonnen Zäit, fir iwwert déi nei informatesch Applikatioun d'Fichen un de Ministère de l'Économie ze iwwermëttelen, a fënnf Deeg, fir verschidden Informatiounen un de Statec weiderzeginn.

Souwuel dat digitaalt Ausfëlle vun de Fiches d'hébergement wéi och d'Iwwermëttelen vun dëse setzt viraus, dass d'Hebergementsstrukture mat der néideger Hardware a Software ausgerüst sinn.

Dozou huet de Minister an der Kommissioun ugekënnegt, dass déi kleng a mëttelstännesch Betriber am Kader vum Programm „SME Packages – Digital“ solle begleet ginn, sief dat finanziell oder materiell, fir sech dat néidegt informatesch Ekipement unzeschafe respektiv op eng technesch Assistenz oder eng Formation initiale zrëckzegräifen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ekonomiekommissioun krut zu dësem Gesetzesprojet sechs Avisen eran, jee weils zwee Avisen vum Staatsrot, der Chambre de Commerce an der CNPD.

De Staatsrot huet a sengem éischten Avis e puer Opposition-formellë gemaach. De Staatsrot huet ënner anerem a Fro gestallt, dass d'Fichë vun all Reesenden ëmmer automatesch un d'Police an den Noriichtendéngscht iwwermëttelt ginn, wat zu enger genereller an oncébléierter Surveillance féiere kéint.

D'Kommissioun huet dem Staatsrot sengen Remarken an den Amendementer vum Text dann och Rechnung gedroen.

Am Avis complémentaire vum Staatsrot konnten allegueren d'Oppositions formelles opgehuewe ginn. An hirem Avis complémentaire ënnersträicht déi héich Kierperschaft, dass duerch déi verschidden Amendementer och déi privat Date vun de Reesenden besser geschützt ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem éischten Avis d'Beméiung begreist, fir de Prozess vun den Umeldungen ze vereinfachen an ze digitaliséieren. Si ënnerstëtzt virun allem d'Mise en place vun enger gratis Applikatioun fir d'Transmissioun vun de Fichen.

D'Chambre de Commerce hat allerdéngs Bedenken, dass déi administrativ Charge nach ëmmer ze héich ass, an huet gefuerdert, dass eng Umeldung pro Famill duergoe sollt. D'Handelskummer hat och, wéi de Staatsrot, déi automatesch Transmissioun vun den Donnéeën un d'Police an un de Statec a Fro gestallt.

An hirem Avis complémentaire huet dann och d'Handelskummer begreist, dass verschidde vun hire Remarken duerch d'Amendementer an dëse Gesetzestext agefloss sinn. Si huet awer nach ëmmer Kriticke stoe gelooss – déi, déi ech virdu genannt hunn –, awer och, dass d'Sanktiounen an dësem Projet ze héich wäeren.

Am Avis vun der CNPD huet dës haaptsächlech hir Bedenken ausgedréckt, well de Gesetzestext ugangs déi systematesch Transmissioun vun den Donnéeën un d'Police virgesinn huet. D'CNPD huet dobäi ënnerstrach, dass d'Recht op Privatliwien ëmmer misst respektéiert ginn an et net dierft zu enger oncébléierter Surveillance kommen. D'CNPD huet awer d'Reduktioun vun der Konservéierungsdauer vun de Fichë vun zweielef op sechs Méint begreist.

An hirem Avis complémentaire huet d'CNPD dann och den Encadrement vun Accès vun der Police a vun dem Service de renseignement op d'Fichë begreist, huet awer weiderhin ënnerstrach, wat déi zentraliséiert Gestioun vum Fichier d'hébergement ugeet, dass ee misst oppassen, dass d'Privatliwien vun all Eenzelnen hei géif respektéiert ginn.

Fir all weider Detailer zum Fong vun dësem Projet de loi an och zu de sechs Avisen, déi mer erakruten, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech géif dann heimadder och den Accord zu dësem Projet de loi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Villmools merci, Madamm Hartmann, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

An d'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Ricardo Marques. Här Marques.

#### Discussion générale

**M. Ricardo Marques** (CSV) | Merci, Här President. An dësem Projet de loi geet et drëm, d'Fiche-d'hébergementen, déi d'Gäschter an eisen Hoteller a Jugendherbergen oder Gîtes touristiques mussen ausfüllen, ze digitaliséieren an hiert Fortschécken ze vereinfachen. Wat am Prinzipp wéi eng einfach Aufgabe klénkt, ass an der Realitéit awer méi komplex. Komplex, well eng ganz Rei Acteuren involvéiert sinn, déi ganz ënnerschiddlech Interessien a Prioritéiten hunn. Mat deene Fichë gi vill Informatiounen an Donnéeën gesammelt an dës fir multipel Zwecker.

Fir d'éischt den Exploitant vun enger Structure d'hébergement. Dee wëll wëssen, wéi seng Gäschter sinn. Den Hotelier wëll dem Client en onkomplizéierten Check-in erméiglechen, fir dee beschtméigleche Service ze bidden. An den Hotelier wëll och sene Flichten, wéi en dës Date stockéiert an iwwermëttelt, esou onkomplizéiert an esou mann zäitopwänneg wéi méiglech nokommen.

D'Police huet en Usproch op dës Donnéeën, fir am Kader vun hiren Ermëttlung kënne nozevollzéien, wéi sech weini an eise Land opgehalen huet. Ausserdeem ass et eng Verpflichtung am Kader vum Accord de Schengen, dës Donnéeën ofzeruffen. Bei Leit, déi an engem Hotel iwwernuechten, gëtt dës Informatioun iwwert déi Fiche d'hébergement gesammelt an iwwermëttelt.

Och de Statec wëll wëssen, wéi vill Leit hei am Land an engem Hotel oder an enger Jugendherberg iwwernuechten, fir déi relevant Statistiken ze erstellen. Dës ginn eis eng Iddi, wéi den Tourismus sech hei am Land entwéckelt a wat dës Secteur ausmécht. Mat dësen Donnéeën kann d'Politik dann déi richteg Jalone setzen. Ausserdeem sammelt Eurostat d'Daten an d'EU-Memberstaaten hu sech dozou verpflichtet, se och ze liwweren.

An net ze vergiessen de Gaascht, deen no senger Urees dës Formalitéit esou séier wéi méiglech hannert sech wëll bréngen, fir zum Beispill op där éischter Etapp vum Mullerthal Trail lasszetrëppelen, deen awer och gären hätt, dass seng perséinlech Donnéeën richteg traitéiert ginn.

Dowéinst huet d'CNPD sech dës Gesetzestext uguckt an eng ganz Rei Verbesserungsvorschläg gemaach, fir datt d'Datenschutzreglementatioun och besser respektéiert gëtt. Am Esprit vun der Datenschutzreglementatioun war et der CNPD och wichteg, dass nëmmen déi Donnéeën gesammelt ginn, déi néideg sinn, an datt d'Acteuren, déi ech virun opgezielt hunn, just déi Donnéeën kréien, déi si fir hir Aufgab brauchen.

Och de Staatsrot huet a sengem Avis drop higewisen, datt den Traitement vun Donnéeën, virun allem den automateschen Transfert vun dësen un d'Police, net konform ass mam RGPD.

Dowéinst begrësse mir d'Léisung, déi fonnt gouf, fir d'Donnéeën op engem zentrale Fichier beim Tourismusministerium unzesidelen, wou déi eenzel Acteuren dës kënne opruffen. An zwar just déi, déi se fir d'Erëlle vun hiren Aufgab brauchen. Dës Kompromëss ass och eng daitlech Vereinfachung fir den Exploitant, deen dës Donnéeën nëmmen op eng Plaz brauch ze verschécken. Hie kritt vum Staat dofir eng App zur Verfügung gestallt.

Ausserdeem huet de Wirtschaftsminister sech engagéiert, eng Aide auszeschaffen, fir de Kleng- a Mëttelbetriber aus dem Secteur ënnert d'Äerm ze gräifen, fir sech mat deem néidegen informatesche Material dann ze ekipéieren.

Här President, dës Regierung ass kloer ugetrueden, fir an alle Beräicher eng Vereinfachung vun de Prozeduren erbäizeféieren. Stéchwuert: Simplification administrative. De Gesetzesprojet an där Form, wéi en deposéiert gouf, war deem Predikat net gerecht ginn. Dofir begrësse mir d'Verbesserungen, déi am Laf vun der Prozedur duerch verschidden Amendementer agefloss sinn. Domat erméigleche mir et, de Besoin vun allen Acteuren gerecht ze ginn, ouni eis Betriber aus dem Tourismussektor ze vill ze belasteschen. An domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Villmools merci, Här Marques. An dann ass d'Wuert fir den Här Claude Haagen. Här Haagen.

**M. Claude Haagen** (LSAP) | Merci, Här President. D'LSAP-Fraktioun gëtt hiren Accord zu dësem Projet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ma merci, Här Haagen. D'Wuert huet elo den Här Tom Weidig. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, d'Madamm Hartmann huet schonn dat meescht gesot. Mir stëmmen derfir, well hei kënnt eng administrativ Vereinfachung vum aktuelle System.

Ech wollt just zwou Saache soen.

Éischstens, eng Digitaliséierung ass sënnavoll, mee wat passéiert, wann de System ausfällt oder Notzer e puer Deeg keen Internet hunn an hirem Hotel oder Camping? Ech maache mir e bësse Suergen, datt do keng Pabeiversioun am Noutfall virgesinn ass.

An dann zweetens, wéi och scho gesot gouf: D'Chambre de Commerce – ech mengen, och mam Input vu Camprilux – huet den aktuelle System kritiséiert am Verglach mam Ausland. D'Sanktiounen wäeren disproportionell an eis Sammlung vun Date wär och vill méi intrusiv wéi am Ausland. Mir deelen dës Suergen, mee mir wäerten de Projet awer matstëmmen.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. Madamm Joëlle Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech ginn heimat den Accord vun deene Gréngen zu dësem Projet de loi.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Welfring. Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, u sech hunn ech näischt um Text auszesetzen.

Et ass vläicht déi eng Fro, déi och an der Kommissioun net wierklech konnt derogéiert ginn: dat ass déi

Fro vun der Ënnerschrëft. Ech hätt mer gewënscht, datt een eng Ouverture a Richtung eIDAS-konform digital Ënnerschrëften dragehat hätt. Dat hätt een zum Beispill duerch Opleeë vum biomeetresche Pass kënne léisen. Do wäeren et sécher Piste ginn. Elo hu mer weiderhin déi manuscrite digitaliséiert Ënnerschrëft, wat natierlech och erëm nei Ekipeementer verlaangt, déi awer duerch Aidë kënne subventionéiert ginn. Also, ech mengen, dat heiten ass nach net der Weisheit letzter Schluss, mee et ass awer e bedeitende Schrëtt an d'Zukunft, datt mer och an Zukunft déi Fichë kënne am Virus ausfüllen an net méi just um Pabeier.

A virun allem dateschutzrechtlech fannen ech et daitlech besser, datt se automatesch no sechs Méint gelöscht ginn, anstatt datt iergendeen do muss manuell duerch Këschten a Këschte goen, fir dann déi sechs Méint al ze läschen oder ze schredderen. Dofir gi mir eisen Accord.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Clement. Här Marc Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Och mir ginn eis Zoustëmmung zu dësem Text, sou wéi en iwwerschafft ginn ass, wéi en och an der Kommissioun dann iwwerschafft ginn ass. An der ursprénglecher Fassung hätt mer eis ganz, ganz schwéier domadder gedoen, notament aus dateschutzrechtleche Grënn. De Staatsrot huet jo deementspreechend och eng Opposition formelle gemaach. Déi ass erausgeholl ginn ..., dee Passage ass ëmgeännert ginn, soudatt mer elo an där heiter Form och domadder liewe kënnen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum. Domat wär dann d'Lëscht vun de Riedner ofgeschloss.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Wirtschaftsminister.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Lex Delles**, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Jo, et ass e ganz wichteg Projekt, fir virunzekommen. E Projet, iwwert dee mer schonn eng Zäitche schwätzen, well et geet hei drëm, op där enger Säit eng Simplification administrative ze maachen. Et geet drëm, eng Digitalisatioun ze maachen. Awer virun allem geet et drëm, méi Kloeerheet hei an dës System eranzekréien, well mir wëssen, dass haut dat mat de Fichen, wou et eng Demarche op Guichet gëtt, fir déi Fiche-d'hébergementen hei auszefüllen, net ëmmer ganz einfach a ganz gutt fonctionéiert. Dofir hu mer ganz vill Feeler an de Fiche-d'hébergementen, wa se dann, zweetens, iwwerhaupt ausgefüllt ginn. An drëtens wëlle mer also hei eng Simplification administrative maachen, wou ee véier Zorte vun Inscriptiounen ka maachen.

Éischstens, de Reesende kann am Virfeld vu sengem Voyage déi Fiche schonn ausfüllen, bevür en iwwerhaupt an den Hotel kënnt. Zweetens, wann en dohinner kënnt, da kann e ganz einfach dee Code, deen e souwuel op der Carte d'identité wéi um Pass huet, duerch en Apparat zéien, da gëtt d'Fiche automatesch ausgefüllt, eng zwou Donnéeën, dann ass se schonn ausgefüllt. Drëtens kann den Hotelier oder den Hebergeur selwer se sur place ausfüllen. Véiertens, de Reesende ka se sur place manuell an engem Programm ausfüllen, fir se dann eranzeginn, soudass ee gesäit, dass et méi einfach geet, wéi dat bis elo war, wou een also méi eng sécher Quell huet, wou och garantéiert ass, wou déi Zuelen higinn.

Well: „Firwat brauch een iwwerhaupt eng Fiche d'hébergement?“, kann ee sech d'Fro stellen. Éischstens,



fir de Statec, fir also ze gesinn, wéi vill Reesender et sinn, wéi vill Iwwernuechtungen et hei zu Lëtzebuerg gëtt, wou déi gemaach ginn, vu weem déi gemaach ginn. Zweetens, fir dass d'Police an den SRE och kënnen e Suivi maachen, wa Problemer géife bestoen. Dofir och, esou wéi d'Rapportrice et ganz genee erkläert huet, wéi laang déi solle kënnen gespäichert ginn, wat duerno domat geschitt a wéi se dann automatesch och kënnen geläscht ginn.

Et ass also e Projet, deen op ganz villen Niveaue wichteg ass. D'Fro vun der Hëllefstellung ass awer ganz kuerz ugeschat ginn: Jo, et ass eng Demarche, déi scho fäerdeg besteet um Guichet, déi mer also ganz ausgeschafft hunn.

Op där anerer Säit hu mer zu de Schnëttstellen, déi den Hebergeur gratis zur Verfügung gestallt kritt, awer och nach, esou wéi mer eis och an der Chamberskommission engagéiert hunn, eng Aide en place gesat. Eng Aide, déi iwwert den De-minimis ausbezuelt gëtt, souwuel fir d'Betriber wéi fir d'ASBLen an awer och d'Gemengen, déi alleguerten d'Méiglechkeet hunn, iwwer e Voucher-System – esou e Fit 4 Digital-System am Fong – kënnen eng Aide vun 2.000 Euro ausbezuelt kréien, wa se sech wëlle konform setzen, dat heescht en iPad, e Laptop, wat och ëmmer kafen, et installéieren an dann och esou kënnen e Lecteur liesen an et esou kënnen en place setzen, soudass ee gesäit, dass déi Aide mat der Publikatioun vum Gesetz – dat wäert esou ëm den 3. März sinn – dann och um Guichet.lu ze fanne wäert sinn. Also ab dem 3. März. Si wäert net haut de Mëtten drop sinn, well d'Gesetz jo érischt en vigueur ass, wann et publizéiert ass, déi verschidden Demarchen huet. Dofir wäert et den 3. März dann en place sinn. Déi Aide wäert bis den 1. Oktober en place sinn, wou da jiddwereen d'Méiglechkeet huet, sech do konform ze setzen, fir dann déi Donnéeën esou ze kréien.

Wéi gesot, fir d'Betriber gëtt iwwert den De-minimis bei de Classes moyennes ausbezuelt. Op där anerer Säit kréien d'ASBLen, d'Gemengen iwwert den Tourismusministère, iwwert Subsidien déi Ausbezelung gemaach. Mee et ass ee Formulaire, soudass et do, wéi an allen Aiden, déi mer am Tourismusberäich hunn an an de Classes moyennes, eenheetlech, fir jiddwereen d'nämmlech ass.

Ech soen en tout cas e grouse Merci fir déi breet Zoustëmmung hei.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler, Président |** Merci, Här Minister. An domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8253. Den Text steet am Document parlementaire 8253<sup>8</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8253 et dispense du second vote constitutionnel**

An ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, inofgedessen keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

**Ont voté oui :** Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Ricardo Marques), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc

Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Foyot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 8. 8376 – Projet de loi portant : 1<sup>o</sup> modification de la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS ; 2<sup>o</sup> abrogation de la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits, en vue de la mise en œuvre du règlement (UE) 2023/988 du Parlement européen et du Conseil du 10 mai 2023 relatif à la sécurité générale des produits, modifiant le règlement (UE) n° 1025/2012 du Parlement européen et du Conseil et la directive (UE) 2020/1828 du Parlement européen et du Conseil, et abrogeant la directive 2001/95/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 87/357/CEE du Conseil

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8376, d'Ëmsetze vum EU-Reglement iwwer Produktsécherheet. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, also dee selwechte Modell wéi virduen. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Claude Haagen, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme**

**M. Guy Arendt (DP), rapporteur |** Merci, Här Präsident. Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet 8376 soll dat europäesch Reglement 2023/988 iwwert d'Sécherheet vun de Produiten an eist nationaalt Recht transposéieren. An dësem Reglement geet et dorëms, déi generell Sécherheet vu Konsumgiddern ze garantéieren. Dëst gëllt fir all d'Artikelen, ob se elo online oder an de Geschäfter verkaaft ginn. D'Zil heivun ass hauptsächlech, de Konsumenteschutz ze stäerken a gerecht Konkurrenzbedingunge fir d'Entreprises innerhalb vun der Europäescher Unioun ze schafen, fir den europäesche Bannemaart ze stäerken.

Dëst Reglement definéiert nei, kloer a prezis Kriterien fir d'Evaluatioun vun der Sécherheet vun de Produiten. Dëst betrëfft technesch Spezifikatiounen, d'Verpackung wéi och verschidden Charakteristiken, wann et ëm d'Cybersécherheet geet. D'Produzenten, d'Importateuren, d'Distributeuren an

d'Online-Verkaufsplattformen müssen dëse Flichten no- komme fir ze garantéieren, dass nëmme sécher Produiten de Wee op de Maart fannen.

D'Transpositioun vun dësem EU-Reglement an dat nationaalt Gesetz soll och d'ILNAS, also d'Lëtze- buerger Institut fir Normalisatioun, Accreditatioun, Sécherheet a Qualitéit vu Produiten a Servicer, zum nationale Kontaktpunkt fir den europäesche System „Safety Gate“ designéieren, fréier och nach RAPEX genannt. Dëse Schnellwarnsystem gëtt dozou ge- notzt, Notifikatiounen iwwer geféierlech Produiten, déi keng Liewensmëttel sinn, ze maachen an ze an- noncéieren, wat fir eng Mesüeren an deem Fall geholl ginn. Déi spezifesch Pouvoiren an Aufgaben, déi an dësem Reglement wéi och am EU-Reglement iwwert d'Maartiwwerwaachung an d'Konformitéit vun de Produiten definéiert sinn, kritt d'ILNAS duerch dës Transpositioun zougeschriwwen.

Och gesäit dëst Reglement vir, dass all Memberstaat déi néideg proportional an ofschreckend Sanktiounen fir déi verschidde wirtschaftlech Acteuren en place setzt, falls se dës nei Obligatiounen net sollte respek- téieren. Duerch dës Kontroll- a Sanktiounspouvoiren ass d'ILNAS an der Lag, Amendé vum zum Beispill 250 bis 15.000 Euro géint d'Fournisseure vun Online-Han- delsplattformen – „places de marché en ligne“, wéi et heescht – ze verhängen, déi sech net un déi definéiert Obligatiounen halen.

Schlussendlech ginn och nach verschidden terminolo- gesch Upassungen am Gesetz vum 4. Juli 2014 iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS gemaach, fir d'Kohä- renz mat den neien Dispositiounen ze garantéieren.

Här President, léif alleguer, d'Wirtschaftskommis- sioun krut zu dësem Gesetzesprojet dräi Avisen eran. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 12. Juli 2024 keng Opposition formelle ausgeschwat, mee just verschidde Präzisatiounen oder Reformulatiounen virge- schloen. Déi héich Kierperschaft huet an hirem Avis complémentaire vum 10. Dezember 2024 déi parla- mentaresch Amendementer analyséiert, déi d'Kom- missioun als Äntwert op den éischten Avis formuléiert huet an dës begréisst.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 30. August 2024 eragereecht a konnt dëse Gesetzestext approuvéieren ouni weider Remarken zum Inhalt.

Fir weider Detailer zum Fong an och den Avis ver- weisen ech op de schrëftleche Rapport a ginn hei- madder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler, Président |** Villmools merci, Här Arendt, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rap- port.

An d'Wuert geet elo un déi éischt ageschriwwen Ried- nerin, d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

**Discussion générale**

**Mme Diane Adehm (CSV) |** Jo, merci, Här President. Dank dem ganz detailléierte schrëftlechen a mënd- leche Rapport vum Här Arendt kann ech da ganz kuerz sinn.

Fir eis als CSV ass et wichteg, dass d'Sécherheet vun de Produite garantéiert ass. An et ass och nach vill méi wichteg fir eis, doduerch, dass mer en Deel vum europäesche Bannemaart sinn a mir quasi alles importéieren, dass déi Reegelen, fir d'Sécherheet ze garantéieren, och an der EU iwwerall déi selwecht sinn. Mir begrëssen, dass mat dësem Gesetzesprojet den ILNAS déi selwecht Pouvoir kritt, déi e brauch, fir dat heiten ze kontrolléieren, an dass en och